LYCEE TECHNIQUE DE LALLANGE

# PARASCOLAIRE AKTIVITÉITEN

## 2019/2020

(Lëtzebuergesch Versioun)




Logo gouf erstallt vum: Bryan Bausch 5G10, 2018/2019

# D'parascolaire Aktivitéiten

Di ugebueden Aktivitéite si fir all Schüler déi am Lycée Technique vu Lalléng ageschriwwe sinn. Déi verschidden Aktivitéite goufen op d'Bedürfnisser an Erwaardunge vum Schüler ugepasst. All d'Aktivitéite fanne vu Méindes bis Freides vun 14h45 bis 15h35 statt, vereenzelter bis 16h30. D'Haaptinformatiounen zu den Aktivitéiten fannt dir hei an der Brochure.

Wann dir nach Froen hutt, zéckt net iech un déi responsabel Erzéier vum Jugendtreff ze wenden, entweder an hirem Büro E1.01 oder per Mail jugendtreff@ltl.lu

Fir déi Aktivitéite wou eng Aschreiwung néideg ass, déi gi jeeweils bei den zoustännegen Enseignante gemaach.

# Les activités parascolaires

Les activités parascolaires proposées sont accessibles à tous les élèves inscrits au Lycée Technique de Lallange. Les différentes activités ont été conçues pour répondre aux besoins et attentes des élèves. Les activités ont lieu du lundi au vendredi après-midi entre 14h45 et 15h35, certaines jusqu'à 16h30. Des explications concernant le déroulement des activités se trouvent dans cette brochure.

Pour toute autre question n'hésitez pas à contacter les éducateurs responsables du Jugendtreff, au bureau E1.01 ou par mail jugendtreff@ltl.lu

Certaines activités sont sujettes à une obligation d'inscription, laquelle peut se faire auprès du titulaire.

# Die außerschulischen Aktivitäten

Die angebotenen Freizeitaktivitäten sind für alle Schüler des LTL zugänglich. Das Angebot der verschiedenen Aktivitäten wurde auf die Bedürfnisse und Erwartungen der Schüler zugeschnitten. Alle Aktivitäten finden von Montag- bis Freitagnachmittag zwischen 14h45 und 15h35 statt, vereinzelte bis 16h30. Weitere Informationen zu den angebotenen Aktivitäten stehen in der folgenden Broschüre.

Bei weiteren Fragen könnt ihr euch an die Erzieher des Jugendtreffs wenden, entweder im Büro E1.01 oder per Mail jugendtreff@ltl.lu

Bei den Aktivitäten, die eine Einschreibung vorsehen, wird die Einschreibung beim zuständigen Lehrer durchgeführt.

| | Méinden | Dënschden | Mëttwoch | Donneschden | Freiden |
|---|---|---|---|---|---|
| **14H45 – 15H35** | *Sportsektioun*<br>**Ski-Fitness**<br>M. Marson<br>Sportshal | *Sportsektioun*<br>**Muskulatioun**<br>M. Erpelding<br>Sportshal | *Sportsektioun*<br>**Turnen**<br>M. Seywert<br>Turnhal | *Sportsektioun*<br>**Muskulatioun**<br>M. Erpelding<br>Sportshal | |
| | *Sportsektioun*<br>**Futsal Interclasses**<br>M. Ney<br>Sportshal (Sall K) | | | *Sportsektioun*<br>**Futsal**<br>M. Ney<br>Sportshal (Sall K) | |
| | *Jugendtreff*<br>**Eng Aart Konscht**<br>Enseignants artistiques<br>E1 20 | *Jugendtreff*<br>**Let's Rap**<br>M. Mahnen<br>A1 01 | | *Jugendtreff*<br>**Mathé Spaass**<br>M. Todorovic<br>A1 12 | *Jugendtreff*<br>**Makerspace**<br>M. Meylender &<br>M. Schreiner<br>B2 25 |
| | | | | | *Jugendtreff*<br>**Sports Day**<br>M. Lanners (Educateur)<br>Sportshal (Sall K) |
| **14H45 – 16H30** | | *Sportsektioun*<br>**Schwammen**<br>M. Berg<br>Schwämm | | *Jugendtreff*<br>**Eischt-Hellef-Kuer**<br>M.Lanners (Educateur)<br>+ Expert<br>A3 34 | |
| | | | | *Jugendtreff*<br>**Babysitting-Kur**<br>M.Lanners (Educateur)<br>+ Expert<br>A3 34 | |

# Inhalt, Contenu, Inhaltsverzeichnis


**Speziell Aktivitéiten** 4
Éischt-Hëllef-Cours 5
Babysitting-Cours 6
**Aktivitéiten vum Jugendtreff** 7
Eng Aart Konscht 8
Let's rap! 9
Mathé Spaass 10
Makerspace 11
Sports Day 12
**Sportsektioun am LTL** 13
Ski-Fitness (Fitness „Classe de neige“) 14
Futsal-Interclasses 15
Muskulatioun 16
Schwammen 17
Konschtturnen 18
Futsal (fir jiddereen) 19
**Informations** 20

# Speziell




# Aktivitéiten

## *Éischt-Hëllef-Cours*

**Beschreiwung vun der Aktivitéit:**

Du bass mindestens 12 Joer al a wëlls wëssen wéi een an enger Noutsituatioun schnell a richteg reagéiert an dobäi däi CV oppeppen? Da schreif dech an den Éischt-Hëllef-Cours an.

An dësem Cours vun insgesamt 16 Stonnen (8 Deeg x 2 Stonnen) léiers du mat denge Matschüler aus dem Lycée, wei ee sécher virgeet bei engem Accident, wei een den Noutruff wielt, d'Erkennen an déi éischt Versuergung vum Noutfall, d'Reanimatioun an nach villes méi...

Nom Ofschloss vun dësem Cours kriss du natierlech en **unerkannten Diplom** dee 5 Joer laang gülteg ass.

**Wéini?**

Am **2. Trimester**,

**Donneschdeges** vu **14h50 bis 16h50**!

| | |
|---|---|
| 16.01.2020 | 27.02.2020 |
| 23.01.2020 | 05.03.2020 |
| 30.01.2020 | 19.03.2020 |
| 06.02.2020 | 26.03.2020 |

**Wou?**

*De genauen Sall gëtt nach ausgehaangen!*

**Fir wien?**

All Schüler, dee méi wéi **12 Joer** huet, aus dem LTL

**Mat wiem?**

M. Huberty Mario (Expert)

M. Lanners Steve (Éducateur diplômé)

*Obligation d'inscription*

➔ *Am SePAS beim Här Lanners*



## *Babysitting-Cours*

**Beschreiwung vun der Aktivitéit:**

Du bass mindestens 15 Joer al, kanns mat Responsabilitéit ëmgoen, bass interesséiert mat Kanner ze schaffen an du wëlls niewent der Schoul e puer Sue verdéngen?

Da schréif dech an dësem Cours an!

Du kriss en **unerkannten Diplom** vun der „AFP-Solidarité-Famille“.

**Wéini?**

Am **3. Trimester**.

D’Formatioun ass **2 Deeg** an dauert jeeweils vun **15h00-18h30**.

*De genauen Datum gëtt nach ausgehaangen!*

**Wou?**

*De genauen Sall gëtt nach ausgehaangen!*

**Fir wien?**

All Schüler, de méi wéi **15 Joer** huet, aus dem LTL

**Mat wiem?**

M. Lanners Steve (Éducateur diplômé)

+ Expert

*Obligation d’inscription*

➔ *Am SePAS beim Här Lanners*





# Aktivitéiten vum Jugendtreff



## *Eng Aart Konscht*

**Beschreiwung vun der Aktivitéit:**

D'Schüler kréien d'Méiglechkeet sech ausserhalb vun hirem normale Konschtcours kreativ auszedrécken. Heibäi kënnen d'Schüler un eegene Projete schaffen, woubäi se och nei Techniken a Materialien kenneléieren (2D&3D). Dësen Atelier bitt och d'Méiglechkeet bei der Préparatioun vun engem Dossier fir op eng Konschtsektioun gehollef ze kréien oder Aarbechte fäerdeg ze maachen. D'Schüler kënnen hir eegen Iddie réaliséieren mat deenen Techniken wou si wëllen (Acryl, Gouache, Tent, Bläisteftfaarwen, Lehm, …).

Kleeder déi Flecke kënne verdroen wieren ubruecht.

**Wéini?**

Méindes vu 14h45 bis 15h35

**Wou?**

E1 20

**Fir wien?**

All Schüler aus dem LTL

**Mat wiem?**

Enseignanten aus der Education Artistique

*Obligation d'inscription*

➔ *Béi den Konschtsäll*



## *Let’s rap!*

**Beschreiwung vun der Aktivitéit:**

De Schüler kann hei léieren ze rappen a Rap-Lidder ze schreiwen. D’Aktivitéit ass op fir Schüler déi nach ni gerappt oder en Text geschriwwen hunn, mee awer och fir déi, déi vläicht schonn e bësse méi Erfahrung hunn.

**Wéini?**

Dënschdes vu 14h45 bis 15h35

**Wou?**

A1 01

**Fir wien?**

All Schüler aus dem LTL

**Mat wiem?**

M. Mahnen Tom

*Pas d’obligation d’inscription*



## *Mathé Spaass*

**Beschreiwung vun der Aktivitéit:**

Wat fält iech als éischt an wann dir un äre Mathescours denkt? Mathematesch Formelen? Exercicer?

Dës Aktivitéit huet als Ziel iech eng aner Säit vun der Mathe ze weisen! Dir kënnt déi mathematesch Konzepter, déi dir aus dem Cours kennt, unhand vu flotten Experimenter a Spiller op eng nei Aart a Weis fir iech entdecken!

Wann dir wësse wëllt wéi ee mat Orangëjus d'Multiplikatioun vu Bréch verstoe kann oder wéi ee mat engem Kuch de Flächeninhalt vun engem Disque entdecke kann, da kommt laanscht a loosst iech iwwerraschen!

**Wéini?**

Ëmmer den 1. Donneschdeg am Mount vu 14h45 – 15h35

**Wou?**

A1 12

**Fir wien?**

Fir all LTL-Schüler

**Wichteg: Et ka jidderee bei dëser Aktivitéit matmaachen, onofhängeg vun de Punkten an der Mathé.**

**Mat wiem?**

M. Todorovic Milko

*Pas d'obligation d'inscription*



## *Makerspace*

**Beschreiwung vun der Aktivitéit:**

- Programmatioun
- Arduino
- Lego Mindstorms
- Roboter

**Wéini?**

Freides vu 14h45 bis 15h35

**Wou?**

B2 25

**Fir wien?**

Jiddereen deen un der Programmatioun, Roboter, Basteln, …interesséiert ass!

**Mat wiem?**

M. Schreiner Luc

M. Meylender Raoul

*Pas d'obligation d'inscription*



## *Sports Day*

**Beschreiwung vun der Aktivitéit:**

De Schüler huet hei d'Méiglechkeet an d'Sportshal ze kommen, wou hien d'Personal vum Jugendtreff an d'Enseignanten trefft fir eng beliebeg Sportaart duerchzeféieren. Hei kann de Schüler säi Besoin selwer ausdrécken an duerchféieren.

Obligatioun: Sportskleeder

**Wéini?**

Fréides vu 14h45 bis 15h35

**Wou?**

Sportshal

**Fir wien?**

All Schüler aus dem LTL

**Mat wiem?**

M. Lanners Steve (Éducateur diplômé)

*Pas d'obligation d'inscription*



# Sportsektioun am LTL



## *Ski-Fitness (Fitness „Classe de neige“)*

**Beschreiwung vun der Aktivitéit:**

Mir maachen haaptsächlech Übungen déi eise ganze Kierper stäerken. Virun allem eis Been- Recken- a Bauchmuskulatur. Donieft gëtt d’Gläichgewiicht trainéiert a mir machen och Stretching.

**Wéini?**

Méindes vu 14h45 bis 15h35

**Wou?**

Am Turnsall

**Fir wien?**

Fir jiddereen

**Mat wiem?**

M. Marson Michel




*Pas d’obligation d’inscription*

# *Futsal-Interclasses*

## Beschreiwung vun der Aktivitéit:

All Klass, déi minimal 5 Schüler/innen zesumme kritt a bereet ass fair ze spillen, ka sech aschreiwe fir beim Interclasses Championnat am Futsal matzemaachen. Déi 2 Klassen déi an d'Final kommen, spillen 4 Mol, déi aner 3, 2 oder 1 Mol. D'Spillreegele gi sur Place erkläert.

**Eng Klass, déi sech aschreift, ass obligéiert fir och unzetrieden.**

<u>Obligatioun:</u> Sportskleeder

## Wéini?

Méindes vu 14h45 bis 15h35.

No der Allerhellegevakanz fänkt den Tournoi fir d'7$^{ièmes}$ un, duerno kommen d'6$^{ièmes}$ drun an zum Schluss vum Schouljoer d'5$^{ièmes}$.

## Wou?

Am Sall K (kleng Sportshal)

## Fir wien?

All 7$^{ième}$, 6$^{ième}$ oder 5$^{ième}$ Klass déi sech ageschriwwen huet.

## Mat wiem?

M. Ney Laurent

*<u>Obligation d'inscription!</u>*



# *Muskulatioun*

## Beschreiwung vun der Aktivitéit:

Et kann all Schüler kommen, dee sech bewosst ass, dass do keng Rekorder gedréckt oder gehuewe ginn. Mir maache Muskelopbau oder Muskelausdauer awer kee Maximalkraafttraining.

Bei Bedarf oder op Wonsch kënnen individuell Trainingspläng opgestallt ginn, natierlech just fir déi jonk Leit, déi regelméisseg kommen. All anere kann och individuell fir sech schaffen.

Obligatioun: Sportskleeder

## Wéini?

Dënschdes an Donneschdes vu 14h45 bis 15h35

## Wou?

Salle de musculation

## Fir wien?

All Schüler aus dem LTL

## Mat wiem?

M. Erpelding Alain

*Pas d'obligation d'inscription*



# *Schwammen*

## **Beschreiwung vun der Aktivitéit:**

De Schüler huet hei d'Méiglechkeet an d'Schwämm ze kommen an no senger Wiel mat Hëllef vun engem Prof oder einfach fir sech selwer ze üben.

Obligatioun: Maillot/Schwammbox & Schwammkap

## **Wéini?**

Dënschdes vu 14h45 bis 16h30

## **Wou?**

Schwämm

## **Fir wien?**

All Schüler aus dem LTL

## **Mat wiem?**

M. Michels Serge (Schwammmeeschter)

M. Berg Alain

*Pas d'obligation d'inscription*



# *Konschtturnen*

**Beschreiwung vun der Aktivitéit:**

An der Sportsektioun Konschtturne kann all Schüler op deene verschiddene Geräter turnen: ob Buedem, Barren, Réck, Putter, Sprong oder Trampolin, all dëst steet dir zur Verfügung.

Egal ob's du gären en einfache Kopplabunz oder e Rad wëlls léieren; ob's du villäicht fir een Turntest wëlls übe kommen oder ob's du déng Turnübung mat Iwwerschlag, Flic-Flac a Salto fir de Veräin wëlls trainéiere kommen, du bass wëllkomm an et ass een do, deen dir ka weiderhëllefen.

Obligatioun: Sportskleeder

**Wéini?**

Mëttwochs vu 14h45 bis 15h35

**Wou?**

An der Turnhal

**Fir wien?**

All Schüler aus dem LTL:

- Jongen a Meedercher
- Vu 7ème bis 1ère
- Ufänger a Clubturner

**Mat wiem?**

M. Seywert Steve

*Pas d'obligation d'inscription*



## *Futsal (fir jiddereen)*

**Beschreiwung vun der Aktivitéit :**

Hei geet et drëms zesummen Futsal Frëndschaftsmatcher oder kleng Tournoien ze spillen. D'Equipe gi sur Place gemaach. Et geet net haaptsächlech drëm fir ze gewannen, mee fir fair an motivéiert zesummen ze spillen.

Obligatioun: Sportskleeder

**Wéini?**

Donneschdes 14h45 bis 15h35

**Wou?**

Am Sall K (kleng Sportshal)

**Fir wien?**

Fir all Schüler/innen an Schüler déi motivéiert sin a bereet fair ze spillen

**Mat wiem?**

M. Ney Laurent

<u>Pas d'obligation d'inscription</u>



# Informations



# JUGENDTREFF LTL

## WAT ASS DEN TREFF?

**Den Treff bedeit, eng gutt Zäit an den ausserschouleschen Aktivitéiten ze hunn, sech duerch d'Austauschen weiderzebilden a Spaass ze hunn.**
**Den Treff kritt zu engem spéideren Zäitpunkt e Raum wou een zesummekommen kann.**

## WAT SINN D'ZILER VUM TREFF?

- **Du gëss vun Educateuren encadréiert, déi fir Respekt a gudden Ëmgang ënnertenee suergen.**
- **Verschidden intern wéi och extern Aktivitéite ginn ugebueden.**
- **Du kanns deng Autonomie fuederen an um Plange vun den Aktivitéiten deelhuelen.**

## KONTAKT:

**Du wëlls eppes iwwert den Treff froen oder eis deng Iddien zu Aktivitéite matdeelen, dann zéck net a komm op eis duer!**
**Du fënns eis:**
**Am SePAS, um E1.01**
***oder per Mail***
**jugendtreff@ltl.lu**

## WAT KA GEMAACH GINN?

**Intern Aktivitéiten no der Schoul:**

- **Sportsektioun**
- **Hip-Hop Atelier**
- **Konscht-Atelier**
- **...**

**Extern Aktivitéiten no der Schoul:**

- **Treffen mat anere Lycée'en**
- **Kino besichen**
- **...**

## WÉINI ASS DEN TREFF OP?

**All Dag:**

- **Moies 7h30–8h00**
- **Mëttespaus 12h00-13h45**
- **No der Schoul 14h40-18h00**

**(ofhängeg vun den Aktivitéiten)**

# JUGENDTREFF LTL

## QU'EST-CE QUE LE „JUGENDTREFF"?

**Le Jugendtreff a pour objectif de passer de bons moments ensemble lors d'activités parascolaires, de se développer grâce à des échanges et de s'amuser.**
**Le „Treff" disposera bientôt d'un espace dédié.**

## QUELS SONT LES OBJECTIFS DU TREFF?

- **Tu es encadré par des éducateurs qui veillent à une ambiance respectueuse et favorisent l'entretien de bonnes relations.**
- **Des activités internes et externes te sont offertes.**
- **Tu peux développer ton autonomie et participer à la planification des activités.**

## CONTACT:

**Tu as des questions concernant le « Treff » ou tu souhaites nous faire part de tes idées pour des activités ? Alors n'hésite pas et contacte-nous !**

**Tu nous joindras:**
**au SePAS, salle E1.01**
***ou par Email***
**jugendtreff@ltl.lu**

## QUELLES ACTIVITES SONT POSSIBLES?

**Des activités internes après les cours:**

- **Section sportive**
- **Atelier Hip-Hop**
- **Atelier artistique**
- **…**

**Des activités externes après les cours:**

- **Rencontres avec d'autres lycées**
- **Cinéma**
- **…**

## QUAND PEUT-ON SE RENDRE AU TREFF?

**Tous les jours:**

- **Matin**
  **7h30–8h00**
- **Pause midi**
  **12h00-13h45**
- **Après les cours**
  **14h40-18h00**

**(en fonction des activités)**

*Du fënns eis och op:*

*Suis-nous sur:*

*Du findest uns auch auf:*

*You can follow us on:*

Scan me